

GEMENGEROT VUM 15. MEE 2020

Present: De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV), d'Schäfte Guy Scholtes (LSAP) a Marc Bissen (LSAP), d'Gemengeconseillere Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Tom Hansen (DP), Nathalie Heintz (LSAP), Lucien Koch (CSV), Romain Kockelmann (CSV), Guy Kohnen (CSV) an André Noesen (déi gréng); de Gemengesekretär Mike Back.

Ufank vun der Sëtzung: 08.30 Auer

Ëffentlech Sëtzung

An der ëffentlecher Sëtzung ginn all d'Punkte vun der Dagesuerdnung, mat Ausnam vun de Punkten 9 an 20 b), eestëmmeg uegholl.

Matdeelungen

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) deelt mat, datt d'Gemeng Kielen probéiert huet opgrond vun der schneller Verbreedung vum Coronavirus proaktiv ze handelen. Hien geet och op déi verschidde Servicer an, déi d'Gemeng Kielen am Kader vum COVID-19 Virus lancéiert huet, ewéi zum Beispill de Service "Achats" an de Service "lessen op Rieder", a seet dem Personal vun der Gemeng, der Maison Relais an dem Jugendhaus Merci fir déi formidabel Aarbecht déi geleescht gouf. All d'Membere vum Gemengerot schléissen sech deem Merci un.

1. Sëtzunge vum Gemengerot - Festleeë vun de Raimlechkeeten

Opgrond vun der Coronakris kënnen d'Sëtzunge vum Gemengerot aktuell net am Sëtzungssall am Gemengehaus ofgehale gi well een do ze no openee géing sëtzen. De Gemengerot hält fest, datt d'Gemengerotssëtzunge bis zum Enn vum État de crise am Musekssall zu Kielen ofgehale ginn.

2. Gemengekonten 2018

Den administrative Kont an de Gestionskont vum Joer 2018, déi vum Inneministère kontrolléiert goufen, gi vum Gemengerot provisoersch festgehalten. Den Exercice 2018 schléisst mat engem definitive Boni an Héicht vu 15.356.562,67 € of.

3. Museksschoul - Schoulorganisatioun 2020-2021

De Gemengerot hält déi provisoersch Schoulorganisatioun fir d'Musekscoursen, déi während dem Schouljoer 2020/2021 an der Gemeng Kielen ugebuede ginn, fest. D'Gesamtkäschte belafe sech op 749.588,73 €.

4. Erneuerung vum synthetesch Terrain zu Kielen - Devis

Den Devis fir d'Erneuerung vum Belag vum synthetesch Terrain am Stade Albert Berchem zu Kielen, dee vum Service technique zu engem Gesamtbetrag vu 549.081,00 € opgestallt gouf, gëtt vum Gemengerot guttgeheesch. Ënnert anerem sinn dobäi d'Ewechhuelen an de Recyclage vum besteeënde synthetesch Belag, d'Verleeë vun engem neie synthetesch Belag mat Marquage, esou wéi d'Liwverung an d'Opstelle vu Goler virgesinn. Nei wäert eng rout synthetesch Bunn vu 96 x 10 Meter op der Sträif tëscht den zwee Futtballsterraine sinn, déi als Lafpist ka genotzt ginn.

5. Gefierer an Aarbechtsmaterial - Devis

De Gemengerot approvériert den Devis fir de Kaf / d'Ersetze vu Gefierer vum Regiebetrieb (Auto mat Allrad, 2 Camionnetten), fir d'Uschafung vu Gefierer (zwee Elektro-Vëloen an / oder zwee elektresch Scooteren) fir eng méi ëmweltfrëndlech Fortbeweegung op kuerze Strecken, a vu weiderem Material (ee Waassertank an eng Schnéifräse) zu engem Gesamtmontant vun 148.490,55 €.

6. Zentrale Spärsystem - Zousätzlechen Devis a Kredit

Den initialen Devis an Héicht vun 304.200,00 € fir d'Installatioun vun engem neien zentrale Verrigelungssystem an allen ëffentleche Gebaier, deen och op Distanz programméiert ka ginn, huet missen iwwerschafft ginn. De Service technique huet festgestallt datt de Support vum aktuelle Spärsystem vun de Gemengegebaier net méi garantéiert ass an datt d'Schlässer vum Centre

d'Incendie et de Secours zu Kielen a vun de Schoulgebaier A a B um Schoulcampus zu Kielen mussen ersat ginn. De Gemengerot heescht den zousätzlechen Devis mat engem Gesamtmontant vun 102.024,00 € gutt a stëmmt en zousätzleche Kredit vun 125.000,00 €.

7. Neien Hangar fir de Service forestier - Devis

De Gemengerot approuvéiert den Devis fir de Bau vun engem neien Hangar fir de Service forestier vun de Gemenge Kielen a Koplescht zu engem Gesamtbetrag vu 500.000,00 €. Dësen Devis ëmfaasst d'Ofrappe vum alen Hangar, de Bau vun engem neien Hangar mat enger Gréisst vu 25 x 16 Meter mat Vestiaire an Toilette, Openthaltsraum, Atelier, Garagen a Lagerraum. De Projet gëtt ganz vun der Gemeng Kielen finanziert, d'Gemeng Koplescht bezilt hiren Undeel och weiderhin a Form vun engem järeleche Loyer.

8. Neie Belag tëscht Nospelt a Rued - Devis

Dee vum Service technique opgestallten Devis an Héicht vun 121.212,00 € fir en neie Stroossebelag op enger Längt vu 550 Meter op dem Gemengewee tëscht Nospelt a Rued gëtt vum Gemengerot guttgeheescht.

9. Erneuerung vun de Weeër um Kierfecht zu Nospelt - Devis

De Gemengerot approuvéiert, mat 9 Stëmme fir an 2 Enthaltungen (Larry Bonifas, André Noesen), den Devis fir d'Erneuerung vun den Haaptweeër um Kierfecht zu Nospelt zu engem Gesamtbetrag vun 121.410,90 €. De Projet gesäit vir déi al Paweesteng duerch Dallen ze ersetzen, aus ästhetescher Siicht net onbedéngt de beschte Choix, mee e bitt méi Trëttsécherheet fir d'Visiteuren.

10. Verbindungswee tëscht Kielen a Keespelt - Verleeë vum P&T Reseau - Devis

Den Devis an Héicht vun 72.540,00 €, fir am Kader vum Verbindungswee tëscht Kielen a Keespelt och de P&T Reseau ze verleeën, gëtt vum Gemengerot guttgeheescht. Geplangt ass déi besteeënd Gaine vum P&T Netz laanscht de CR102 tëscht dem Katrewang a Keespelt ze réckele fir eng Leitplank tëscht dem Bord vun der Strooss an de Beem ze placéieren, esou wéi d'Stroossebauverwaltung et fuerdert. CREOS a P&T profitéiere vum Chantier fir gläichzäiteg Gainë fir hir jeeweileg Netzwierker ze verleeën.

11. Ersetze vun der Beliichtung am Stade Albert Berchem zu Kielen - Zousätzlechen Devis

De Gemengerot approuvéiert den zousätzlechen Devis an Héicht vun 48.500,00 € betreffend d'Ersetze vun der Beliichtung am Stade Albert Berchem zu Kielen duerch eng LED-Beliichtung. Den zousätzlechen Devis ëmfaasst d'Upassung vun den neie LED-Luuchten un d'Standard fir international Matcher (UEFA Normen), d.h. eng Intensitéit vun 350 Lux amplaz vun den 150 Lux (min.), déi vun der FLF verlaangt ginn, an déi am éischten Devis ageplangt gi waren.

12. Kafakt - Terrain « Um Schënner » zu Kielen

De Kafakt vum 9. Mäerz 2020, duerch deen de Lëtzebuurger Staat een Terrain zu Kielen, am Uert genannt "Um Schënner", un d'Gemeng Kielen oftrëtt, a wou de Wäert am Konsens op d'Zomm vu 6.750,00 € festgeluecht gouf, gëtt vum Gemengerot guttgeheescht. De Kafakt reegelt eng Situatioun, déi scho laang Joren existéiert, déi betraffe Parzell gëtt vun der Gemeng Kielen als Depot fir d'Material fir d'Entretensaarbechte vun de Gemengestroosse benotzt.

13. Compromis - Emprise zu Nospelt

De Gemengerot approuvéiert de Compromis vum 29. Abrëll 2020 duerch deen d'Sociétéit TRUST sàrl eng Parzell zu Nospelt an der Grand-Rue zum Präis vun 49,00 € un d'Gemeng Kielen oftrëtt. D'Parzell ass agedroen am Kadaster vun der Gemeng Kielen, Sektoun C vun Nospelt, ënnert der Nummer 159/4957, mat enger Gréisst vun 0,07 Ar.

14. SICONA - Konventiounen

- a) De Gemengerot approuvéiert d'Konventiounen tëscht dem Schäfferot an
 - dem Här Carlo Barnig, betreffend d'Parzell Nr. 55/4010 am Uert genannt "rue du Cimetière" zu Nospelt;
 - dem Här Jeff Binck, betreffend d'Parzell Nr. 450/5193 am Uert genannt „rue de Nospelt“ zu

- Kielen;
- dem Här Georges Bonifas, betreffend d'Parzellen Nr. 490/4799, 491/2165, 496/0 an 497/2464 am Uert genannt „rue de Kehlen“ an „Happent“ zu Nospelt;
 - dem Här Joseph Brachtenbach, betreffend Parzell Nr. 60/2293 am Uert genannt „rue des Jardins“ zu Ollem;
 - dem Här Emile Engel, betreffend d'Parzellen Nr. 1302/1654 an 1302/1655 am Uert genannt „Graumeer“ zu Nospelt;
 - dem Här Albert Lehnert, betreffend d'Parzell Nr. 1977/4329 am Uert genannt „in Ropent“ zu Nospelt;
 - dem Här Franky Peller, betreffend d'Parzell Nr. 183/1872 am Uert genannt „auf dem Raedchen“ zu Keespelt;

an déi et der Gemeng Kielen erlaben Naturschutzarbechten duerchzeféieren, heescht Uebstbeem ze planzen an ze ënnerhalen.

b) De Gemengerot approuvéiert d'Konventiounen tëscht dem Schäfferot an

- der Mme Monique Flammang, betreffend d'Parzell Nr. 46/2754 am Uert genannt „Happent“ zu Kielen;
- dem Här Ghislain Stranen, betreffend d'Parzell Nr. 281/2806 am Uert genannt „rue Pierre Dupong“ zu Keespelt;

an déi et der Gemeng Kielen erlaben Naturschutzarbechten duerchzeféieren, heescht den Entretien vun de Beem mat Drot garantéieren an d'Méie vum Randsträifen.

15. Service ProActif - Taxereglement

Op Virschlag vun der Familljen- a Chancegläichheetskommissioun, hat de Gemengerot zréckbehalen, e lokalen Service anzeféieren, dee kleng Entretiensarbechte ronderëm d'Haus ubitt wéi zum Beispill kleng Gaardenaarbechten am Summer a Schnéi schëppen a Salz streeën am Wanter. De Gemengerot stëmmt an dësem Kontext een Taxereglement betreffend de lokale Service fir eeler Leit a fir Leit mat spezielle Bedierfnesser. Weider Detailer fannt Dir op eisem Internetsite an der Rubrik "[Actualités](#)".

16. Jugendhaus JUKI - Konventioun 2020

D'Konventioun 2020, déi de 14. Januar 2020 tëscht dem Educatiounsministère, der JUKI asbl an dem Schäfferot ënnerschriwwen gouf an d'Fonctionnement vum Jugendhaus betrëfft, gëtt vum Gemengerot guttgeheescht.

17. Berodend Kommissiounen - Demissioun

D'Demissioun vum Här Félix Kayser als Member vun der Jugendkommissioun gëtt vum Gemengerot guttgeheescht.

18. Subsidien

- a) Op Virschlag vun der Integratiounskommissioun hält de Gemengerot fest fir am Kader vum Chrëschtmaart 2019 zwee Donen ze maachen, an zwar een éischten Don un d'Associatioun Ilula Orphan Program vu Bäreldeng an een zweeten Don un d'a.s.b.l. Alupse.
- b) Op Virschlag vum Schäfferot gëtt de Gewënn an Héicht vun 3.315,56 € vum Kannersaachefloumaart op 4.000,00 € opgeronnt an, op Wonsch vun der Jugendkommissioun, un d'a.s.b.l. Bonnievale-Projects gespent.
- c) De weideren accordéiert de Gemengerot déi folgend Subsidien:
 - 125 € fir d'Lëtzebuerger Guiden a Scouten
 - 125 € fir MemoShoah Luxembourg
 - 125 € fir Handicap International
 - 125 € fir SOS Faim
 - 125 € fir SOS Radicalisation - Respect.lu
 - 125 € fir d' Croix rouge luxembourgeoise
 - 125 € fir Lux Lagos

- 125 € fir d'Lëtzebuerger Blannevereedegung + Canne blanche A.S.B.L.
- 125 € fir d'Par Mamerdall Saint/Christophe
- 125 € fir d'Association Luxembourg Alzheimer
- 125 € fir de Groupe Cynotechnique Luxembourg
- 125 € fir FEBLUX - Fir Effentlech Bibliotheken Letzebuerg
- 125 € fir Care Luxembourg
- 125 € fir Hoffnung fir d'Kanner vun d'Tschernobyl
- 125 € fir d'Association Fondation Autisme Luxembourg

19. Gaart an Heem Kielen-Ollem a.s.b.l. - Dépôt des statuts

De Gemengerot hält déi vun der a.s.b.l. Gaart an Heem Kielen-Ollem eragerechte Statuten zur Kenntnis.


20. Verkéiersreglementer

- a) De Gemengerot confirméiert dem Schäfferot seng 5 Drénglechkeetsreglementer fir de Verkéier Am Schaarfeneck an an der Aktivitéitszone Kielen, der Giewelerstrooss an um Léck zu Nospelt esou wéi an der Rue du Bois zu Ollem ze reegelen.
- b) De Gemengerot confirméiert, mat 7 Stëmmen dofir bei 2 Enthalungen (Larry Bonifas, André Noesen) an 2 Stëmmen dogéint (Tom Hansen, Lucien Koch), en Drénglechkeetsreglement vum Schäfferot, dat de Verkéier op den 2 Gemengeweeër, déi d'Rue du Cimetière zu Kielen mat der Nationalstrooss N12 verbannen, verbitt.



Réouverture vun der Gemeng

Mir recommandéieren iech e Rendez-vous ze huelen

 D'Gemeng Kielen huet hir Dieren zu de gewinnten Auerzäite fir de Public erëm op. Mir recommandéieren iech awer weiderhin, fir är Deplacementer op e Minimum ze reduzéieren

Fir dem Verbreedde vun Virus och an Zukunft keng Chance ze ginn, biede mer iech, just fir drénglech Demarche bei eis ze kommen. Mir kënnen nach ëmmer villes am Virfeld per Mail oder Telefon klären. De Biergerzenter ass dofir ënner biergerzenter@kehlen.lu an **Tel.: 30 91 91 - 1** erreechbar.

All déi aner Gemengeservicer si besat a kënnen iwwert déi gewinnten Telefonnummieren erreecht ginn. Froen kënn der eis och gäre per Mail u biergerzenter@kehlen.lu erarechen.

Fir Waardezäiten anzeschränken, recommandéiere mir iech e Rendez-vous mat dem jeeweilege Service auszemaachen: Rendez-vous en ligne oder Tél.: 30 91 91 - 1

SÉCHERHEETSMESUREN

D'Droe vun enger Mask (Schal oder Buff) ass an der Gemeng obligatoresch. De Sécherheetsofstand vun 2 Meter muss agehale gi, genau sou wéi d'Gestebarrrières. An der Receptioun, sollen d'Visiteuren sech d'Hänn desinfizéieren.



<https://www.kehlen.lu/actualites>

MÉDIATHÈQUE | SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL

CONSEIL COMMUNAL

15 mai 2020

■ ■ Présent: Le bourgmestre Félix Eischen (CSV), les échevins Guy Scholtes (LSAP) et Marc Bissen (LSAP), les conseillers communaux Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Tom Hansen (DP), Nathalie Heintz (LSAP), Lucien Koch (CSV), Romain Kockelmann (CSV), Guy Kohlen (CSV) et André Noesen (déi gréng); le secrétaire communal Mike Back.

Début de la séance: 08.30 heures

Séance publique

Tous les points de l'ordre du jour, à l'exception des points 9 et 20 b), sont approuvés à l'unanimité des voix.

Communications

Le bourgmestre Félix Eischen (CSV) annonce qu'en raison de la propagation rapide du virus COVID-19, la commune de Kehlen a essayé de réagir de manière proactive. Il fait le point sur les différents services lancés par la commune de Kehlen tels que les services « Achats » et « lessen op Rieder » et il remercie le personnel communal, le personnel des structures d'accueil et de la maison des jeunes pour le formidable travail fourni. Tous les membres du conseil communal se rallient à ces remerciements.

1. Séances du conseil communal - Désignation d'un local

En raison de la crise Covid-19, les réunions du conseil communal ne peuvent actuellement pas se tenir dans la salle des séances de la mairie vu qu'on serait assis trop près l'un de l'autre. Le conseil communal décide que les séances du conseil communal ont lieu d'ici jusqu'à la fin de l'état de crise dans la salle de musique à Kehlen.

2. Comptes communaux 2018

Les comptes administratif et de gestion de l'année 2018 vérifiés par le Ministère de l'Intérieur sont arrêtés provisoirement par le conseil communal. L'exercice 2018 est clôturé avec un boni définitif de 15.356.562,67 €.

3. Ecole de musique - Organisation scolaire 2020-2021

Le conseil communal arrête l'organisation scolaire provisoire de l'enseignement musical fonctionnant dans la commune de Kehlen pour l'année scolaire 2020/2021. Le coût total s'élèvera à 749.588,73 €.

4. Renouvellement du terrain synthétique à Kehlen - Devis

Le devis relatif au renouvellement du revêtement du terrain synthétique au Stade Albert Berchem à Kehlen établi par le service technique communal au montant total de 549.081 € est approuvé par le conseil communal. Sont prévus, entre autres, l'enlèvement et le recyclage du gazon synthétique existant, la pose d'un nouveau gazon synthétique avec marquage et la fourniture et la pose des buts. Une nouveauté sera une piste en gazon synthétique rouge de 96 x 10 mètres sur la bande entre les deux terrains de football permettant ainsi l'utilisation comme piste de course.

5. Véhicules et équipements de manutention - Devis

Le devis pour l'acquisition / le remplacement de véhicules du service de régie (voiture tout-terrain, 2 camionnettes), l'acquisition de matériel pour un déplacement plus écologique sur de courtes distances (deux vélos électriques et/ou deux trottinettes électriques) et d'équipements de manutention (plateforme avec citerne d'eau et chasse-neige) au montant de 148.490,55 € est approuvé par le conseil communal.

6. Système de verrouillage centralisé - Devis et crédit supplémentaire

Le devis pour l'installation d'un nouveau système de verrouillage centralisé dans tous les bâtiments publics et programmable à distance initialement établi au montant de 304.200 €, a dû être révisé vu que le service technique a consta-

té que que le support du système de verrouillage actuel des bâtiments communaux n'est plus garanti et qu'il faut remplacer les serrures du Centre d'Intervention et de Secours à Kehlen et des bâtiments scolaires A et B au campus scolaire à Kehlen. Le conseil communal approuve le devis supplémentaire au montant total de 102.024 € et vote un crédit supplémentaire de 125.000 €.

7. Nouveau hangar pour le service forestier - Devis

Le conseil communal approuve le devis relatif à la construction d'un nouveau hangar pour le service forestier des communes de Kehlen et de Kopstal au montant total de 500.000 €. Ledit devis comprend les travaux de démolition du hangar existant, la construction d'un nouveau hangar aux dimensions de 25 x 16 mètres avec vestiaires et installations sanitaires, salle de séjour, atelier, garages et débarras. Le projet sera entièrement financé par la commune de Kehlen, la commune de Kopstal continuera cependant à payer un loyer annuel.

8. Nouvelle couche de roulement entre Nospelt et Roodt - Devis

Le devis relatif à une nouvelle couche de roulement sur le chemin vicinal entre Nospelt et Roodt sur une longueur de 550 mètres, établi par le service technique au montant total de 121.212 € est approuvé par le conseil communal.

9. Renouvellement des chemins principaux au cimetière à Nospelt - Devis

Le conseil communal approuve, avec 9 voix pour et 2 abstentions (Larry Bonifas, André Noesen) le devis relatif au renouvellement des revêtements des chemins principaux au cimetière de Nospelt au montant total de 121.410,90 €. Le projet prévoit le remplacement des vieux pavés des chemins par des dalles, un choix pas nécessairement esthétique, mais assurant une sécurité de marche pour les visiteurs.

10. Chemin de mobilité douce entre Kehlen et Keispelt - Déplacement du réseau P&T - Devis

Le devis relatif au déplacement du réseau P&T dans le cadre de l'aménagement du chemin de mobilité douce

entre Kehlen et Keispelt au montant total de 72.540 € est approuvé par le conseil communal. Est prévu le déplacement de la gaine existante du réseau P&T longeant le CR102 entre Quatre-Vents et Keispelt afin de permettre la pose d'une glissière en bord de la chaussée et devant les arbres, en amont du talus, tel qu'exigé par l'Administration des Ponts & Chaussées. La société CREOS et l'entreprise des P&T profiteront du chantier pour poser en même temps des gaines pour leurs réseaux respectifs.

11. Remplacement de l'éclairage au Stade Albert Berchem à Kehlen - Devis supplémentaire

Le conseil communal approuve le devis supplémentaire relatif au remplacement de l'éclairage au Stade Albert Berchem à Kehlen par un éclairage LED au montant total de 48.500 €. Le devis supplémentaire comprend l'adaptation du nouvel éclairage LED aux normes pour matchs internationaux (norme UEFA), soit une intensité de 350 Lux au lieu des 150 Lux (min.) demandés par la FLF pour les matchs de championnat et dont l'installation était prévue au devis initial.

12. Acte de cession - Terrain « Im Schinder » à Kehlen

L'acte de cession du 9 mars 2020 aux termes duquel l'État du Grand-Duché de Luxembourg cède à la commune de Kehlen une parcelle de terrain sise à Kehlen, au lieu-dit « Im Schinder », évalué d'un commun accord à la somme de 6.750 €, est ratifié par le conseil communal. L'acte de cession règle une situation existant depuis de nombreuses années, la parcelle en question étant utilisée par la commune de Kehlen en tant que dépôt pour le matériel d'entretien de la voirie communale.

13. Compromis - Emprise à Nospelt

Le conseil communal approuve le compromis de vente du 29 avril 2020 par lequel la société TRUST S.à r.l. cède à la commune de Kehlen une parcelle sise à Nospelt au lieu-dit « Grand-Rue », inscrite au cadastre de la commune de Kehlen, section C de Nospelt, sous le numéro 159/4957, place voirie, d'une contenance totale de 0,07 ares, au montant total de 49,00 Euros.

14. SICONA - Conventions

- a) Le conseil communal approuve les conventions signées entre le collège échevinal et
- M. Carlo Barnig, concernant la parcelle n°55/4010 sise au lieu-dit « rue du Cimetière » à Nospelt;
 - M. Jeff Binck, concernant la parcelle n°450/5193 sise au lieu-dit « rue de Nospelt » à Kehlen;
 - M. Georges Bonifas, concernant les parcelles n°490/4799, 491/2165, 496/0 et 497/2464 sises aux lieux-dits « rue de Kehlen » et « Happent » à Nospelt;
 - M. Joseph Brachtenbach, concernant la parcelle n°60/2293 sise au lieu-dit « rue des Jardins » à Olm;
 - M. Emile Engel, concernant les parcelles n°1302/1654 et 1302/1655 sises au lieu-dit « Graumeer » à Nospelt;
 - M. Albert Lehnert, concernant la parcelle n°1977/4329 sise au lieu-dit « in Ropent » à Nospelt;
 - M. Franky Peller, concernant la parcelle n°183/1872 sise au lieu-dit « auf dem Raedchen » à Keispelt; et autorisant la commune de Kehlen d'effectuer des travaux de conservation de la nature qui consistent en la plantation et l'entretien d'arbres fruitiers.
- b) Le conseil communal approuve les conventions signées entre le collège échevinal et
- Mme Monique Flammang, concernant la parcelle n°46/2754 sise au lieu-dit « Happent » à Kehlen;
 - M. Ghislain Stranen, concernant la parcelle n°281/2806 sise au lieu-dit « rue Pierre Dupong » à Keispelt; et autorisant la commune de Kehlen d'effectuer des travaux de conservation de la nature qui consistent dans l'entretien d'arbres avec clôture et fauchage des bandes limites.

15. Service ProActif - Règlement-taxe

Le conseil communal avait retenu, sur proposition de la commission de la famille et de l'égalité des chances, d'introduire un service de proximité offrant de menus services d'entretien à l'extérieur des maisons, à savoir des petits travaux de jardinage en été et le déneigement



Réouverture de la Mairie

Prise de rendez-vous recommandée

■ ■ L'administration communale a réouvert ses portes selon les horaires habituels. Même si le confinement n'est plus une obligation légale, il reste pourtant recommandé de limiter les déplacements au nécessaire.

Par mesure de sécurité, les résidents sont invités à se limiter aux démarches urgentes. Le Bureau de la Population pourra être contacté par mail biergerzenter@kehlen.lu ou par **Tel.: 30 91 91 - 1**

Tous les autres services communaux reprennent également une activité régulière et sont joignables sous les numéros habituels.

Pour toute autre demande ou question, prière d'envoyer un mail à biergerzenter@kehlen.lu.

Afin de vous éviter des temps d'attente, nous vous recommandons de prendre un rendez-vous avec le service concerné : Rendez-vous en ligne ou par Tél.: 30 91 91 - 1

MESURES DE SÉCURITÉ

Le port du masque (écharpe ou buff) sera obligatoire à l'intérieur de la maison communale, tout comme le respect des distances de sécurité et des gestes barrières. Les visiteurs sont invités de se désinfecter les mains à l'entrée de la mairie.



<https://www.kehlen.lu/actualites>

et le salage. Dans ce contexte, le conseil communal fixe un règlement-taxe relatif au service de proximité pour personnes âgées et pour personnes à besoins spécifiques. Plus de détails : www.kehlen.lu/actualites/fiche/2020/06/proactif.

16. Maison des Jeunes JUKI - Convention 2020

La convention tripartite 2020 relative au fonctionnement de la Maison des Jeunes, signée le 14 janvier 2020 entre le Ministre de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, l'association JUKI Asbl et le collège échevinal de la commune de Kehlen, trouve l'accord des conseillers.

17. Commissions consultatives - Démission

La demande en démission de Monsieur Félix Kayser en tant que membre de la commission de la jeunesse de la commune de Kehlen trouve l'accord du conseil communal.

18. Subsidies

- Sur proposition de la commission consultative de l'intégration, le conseil communal décide d'accorder à l'occasion du Marché de Noël 2019 deux dons, le premier au profit de l'association Ilula Orphan Program de Bereldange et le second à l'A.s.b.l. Alupse de Luxembourg.
- Sur proposition du collège échevinal, le bénéfice de 3.315,56 Euros du marché aux puces pour articles d'enfants est arrondi à 4.000 € et sera versé à l'A.s.b.l. Bonnievale-Projets de Luxembourg, conformément au souhait exprimé par la commission de la jeunesse.
- En outre, le conseil communal accorde les subsidies suivants :
 - 125 € pour l'association Lëtzebuenger Guiden a Scouten
 - 125 € pour l'association MemoShoah Luxembourg
 - 125 € pour l'association Handicap International

- 125 € pour l'organisation SOS Faim
- 125 € pour l'association SOS Radicalisation - Respect.lu
- 125 € pour la Croix rouge luxembourgeoise
- 125 € pour l'association Lux Lagos
- 125 € pour l'association Lëtzebuenger Blandevereedegung + Canne blanche A.S.B.L.
- 125 € pour la Par Mamerdall Saint/Christophe
- 125 € pour l'Association Luxembourg Alzheimer
- 125 € pour le Groupe Cynotechnique Luxembourg
- 125 € pour l'association FEBLUX - Fir Effentlech Bibliotheken Letzebuerg
- 125 € pour l'organisation Care Luxembourg
- 125 € pour l'organisation Hoffnung fir d'Kanner vun d'Tschernobyl
- 125 € pour l'association Fondation Autisme Luxembourg

19. Gaart an Heem Kielen-Ollem A.s.b.l. - Dépôt des statuts

Le conseil communal prend acte des statuts déposés par l'a.s.b.l. Gaart an Heem Kielen-Ollem.

20. Règlements de circulation

- Le conseil communal confirme 5 règlements de circulation d'urgence édictés par le collège échevinal concernant la rue Am Schaarfeneck et la Zone d'Activités Économiques à Kehlen, la rue de Goebange et la rue Um Léck à Nospelt, ainsi que la rue du Bois à Olm.
- Le conseil communal confirme, avec 7 voix pour, 2 abstentions (Larry Bonifas, André Noesen) 2 voix contre (Tom Hansen, Lucien Koch), un règlement de circulation d'urgence édicté par le collège échevinal et portant interdiction de circulation sur les 2 chemins vicinaux liant la rue du Cimetièrre à Kehlen à la route nationale N12.



■ Tous les rapports peuvent être consultés sur notre site Internet sous la rubrique "Mediathek" (www.kehlen.lu/mediatheque) ou scannez simplement le code QR.